ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Februar 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Mme Banneminister an un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Bei enger Uelegspur op der Strooss hunn virun der Asetzung vum CGDIS déi lokal Pompjeeën dës Uelegspur gebotzt a si waren och duerfir equipéiert, dat gouf och relativ séier gemaach an et koum der Sécherheet op de Stroossen ze gutt. Zanter datt de CGDIS an d'Liewe geruff gouf däerfen si dëst net méi maachen an et gouf de Ponts et Chaussées iwwerdroen. Mee déi eenzel regional Servicer vun de Ponts et Chaussées sinn duerfir net equipéiert a se mussen ob den Divisiounsservice zréckgräifen, wat allerdéngs wesentlech méi laang dauert ier dës Servicer kontaktéiert an op der Platz sënn, z.B. ass Dikrech fir de ganzen Norden zoustänneg. An deem Kontext ass och ze vermierken datt dat selwecht fir Beem zoutrëfft déi an d'Strooss falen.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Ministeren:

1. Wéi ass de Moment déi genee administrativ Prozedur bei esou Asätz wat Uelegspuren a Beem betreffen?

2. Ass virgesinn déi eenzel Regionalservicer vun de Ponts et Chaussées mat dem néidege Material z'equipéieren?

3. Wat geschitt mat deem Material wat de Moment am Besëtz vun der CGDIS ass?

4. Däerf de Buergermeeschter de lokalen Zentercheffe vun der CGDIS iwwerhaapt nach esou een Asaz ordonnéieren?

5. Wéi ass et mat den zousätzleche Käschten déi duerch den Asaz vun de Ponts et Chaussées entstinn, déi virdru vun de lokale Pompjeeë méi gënschteg konnten assuréiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten